

# KRONOSPAN: Weider Kaméidi-a Loftbelaaschtungen!

D'Plainten géint KRONOSPAN heefen sech an et dauert wuel nach bis d'nächst Joer bis d'Situatioun sech wierklech verbessere wäert.

Hei ënnendrénger INFOs aus der Gemengerotssitzung vum 25. September 2020.

## • Geruchsbelästegung

D'Ëmweltverwaltung huet eng Impaktstudie an Optrag ginn déi Enn 2020 soll ofgeschloss sinn. Warscheinlech müssen d'Kamäiner an der Héicht ugepasst ginn.

## • Kaméidi

Eng Etüd vum Kaméidi (Juli 2020) huet erginn, dass d'Wäerter am Dag ok sinn, Nuets awer iwwerschrott ginn. Dat heescht, dass déi Anlagen, déi bause léien, missten ofgedeckt ginn (Schallschutz).

## • Stepps

Déi 2. Cogeneratiounsanzlag déi tèschent 2018 an 2020 bäigebaut ginn ass, an zur neier OSB-ligne gehéiert, brauch méi eng grouss Fläch fir de Stockage.

KRONOSPAN huet versprach:

- vun August 2020 un mat Waasserdamp ze netzen;
- Sonden z'installéieren fir ze moossen;
- zousätzlech Strukturen en place ze setzen fir de Stockage z'assurieren;
- e Plang, fir eng Reduzéierung vum Stepps, opzestellen.

## • Verschmutzung vun der Chiers

Nom Brand vun 2019 sinn weider 3 Fäll vu Verschmutzung vun der Chiers ze verzechnen: Abrëll 2020, Mee 2020 (Verschmutzung mat Kuelewaasserstoff), Juni 2020.

KRONOSPAN muss:

- e Becken, dat Oflagerungen zréckhält, bauen;
- e System en place ze setzen deen d'Reewaasser traitéiert;
- de Site a Konformitéit mat den euro-päeschen Bestëmmungen (EP, EUs, EU) bréngen.

## • Verkéierschaos beim rond point

Eng Mobilitéitsstudie leeft. Zil ass et, den Transport souwuel vun der Matière Première wéi vum Endprodukt op d'Schinnen ze verlagere.

*Affaire à suivre de près!*

